

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/10/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

D'Piraten an d'Mobilitéitsministesch hunn an der Mobilitéitskommissioun ee Kompromëss iwwert d'Afféierung vu Bodycams am ëffentlechen Transport fonnt. D'Zil ass et, ee klaren a rechtssécheren Kader ze schafen, deen d'Personal am ëffentlechen Transport schützt an dobäi d'Rechter vun de Passagéier respektéiert, dëst no de gudden Erfahrungen, déi d'Police mat de Bodycams gemaach huet.

Och an de Gemenge ginn et Beamten, déi am ëffentlechen Raum Policeaufgaben iwwerhuelen. Mam Gesetz vum 27te Juli 2022 relative aux sanctions administratives communales, à l'élargissement des compétences des agents municipaux hunn d'Gemengebeamten elo nach méi Kompetenzen krut. Päscheren gi bei hirer Aarbecht oft mat Konfliktsituatiounen, verbalen Aggressiounen oder physischen Auseinandersetzungen konfrontéiert.

An deem Zesammenhang wëllt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Gëtt et aktuell eng legal Basis, déi et Gemengebeamten, notament de sougenannte Päscheren, erlaabt, am Kader vun hiren Aufgaben Bodycams ze droen an audiovisuell Opnamen ze maachen?
2. Wäert d'Regierung, no de gudden Erfahrungen bei der Police, d'Notzung vun de Bodycams och fir d'Gemengebeamten erlaben?

Mat déiwem Respekt,





GOERGEN Marc
Deputéierten

